LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 20 AVR. 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 13:45, 20/04/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°1960 du 2 mars 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la Mobilitéitszentral, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n°1960 vum 2. Mäerz 2020 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet „Mobilitéitszentral"

1. Wéi vill Leit hu virun der Reform bei der Mobilitéitszentral geschafft?

Virun der Reform hunn 16 Leit am Service "Mobilitéitszentral" vum Verkéiersverbond geschafft, wat een réellen Effectif (ETP) vun 14,05 ausmécht. Dat ass bedéngt duerch *Temps partiellen*. Deenen hir Tâchen konnten graff a folgend Kategorien agedeelt ginn :

- Guichet (Mobilitéitszetral Lëtzebuerg Gare an Belval Université)
- Callcenter
- Backoffice
- mPass

2. Wéi vill Leit schaffen elo nom 1. Mäerz 2020 do?

Nom 1. Mäerz hunn, bedéngt duerch een *Congé sans solde*, deen den 1. Mäerz 2020 ugefaangen huet, nach 15 Leit an der Mobilitéitszentral geschafft, wat een réellen Effectif vun 13,25 ausmécht.

Vum 1. Mäerz 2020 un huet d'Personal vun der Mobilitéitszentral sech aus dem Guichet vu Belval zréckgezunn, deen dunn nach just vun Agenten vun der CFL bedéngt gëtt. De Guichet an der Gare Lëtzebuerg gëtt deemno weiderhi vum Personal vun der Mobilitéitszentral bedéngt.

3. Ass virgesinn, fir hei zousätzlech Personal anzestellen an a wat fir engem Zäitraum?

Nodeems festgestallt ginn ass, datt déi geplangte Kapazitéiten net duerginn, ass an enger éischter Phase ob *Intérimairen* zréckgegraff ginn. Ier d 'Décisioun geholl gëtt ob zousätzlecht Personal noutwendeg ass, muss eng Analyse gemaach ginn. Et sinn zwee Facteuren déi berücksichtegt musse ginn:

- D'Aufgabe vun der Mobilitéitszentral wäerten sech verlageren, an da ginn zousätzlech Ressourcen fir den Callcenter fräi

D'Entwécklungen vun den Uriff fir den Adapto. Dëst muss iwwert ee längeren Zäitraum gekuckt ginn fir eng Analyse vum réelle Besoin ze maachen.